# E Musée op den Dräi Eechelen

Guy Engels

Wéini geet de Musée op den Dräi Eechelen op, kee weess et!

Wat gëtt an deem Musée gewisen, dat ass nach net richteg – oder nach ëmmer net gewosst?

Deen neien, nach ëmmer eidele Musée ass scho bal esou al ewéi Methusalem, deen Androck kann een op alle Fall hunn, wann een zréckkuckt a bedenkt, wéi laang elo schonn un engem Konzept erëmgedoktert gëtt.

D'Geschicht vum Musée fänkt u sech mam Pei-Musée un. An de fréien 90er Joren, wéi dem sino-amerikaneschen Architekt Ieoh Ming Pei säi Projet nach dee ganzen Areal vum Fort Thüngen ëmfaasst huet, hunn d'Frënn vun der Festungsgeschicht géint d'Verschampeléiere vum historesche Patrimoine protestéiert. De Mëssel gouf dorops gedeelt. Den Här Pei huet ee reduzéierte Projet gemaach, dee sech just op d'Enveloppe vum Fort beschränkt. An d'Dräi Eechele sollt ee Festungsmusée kommen, deen op de Pläng vum Här Wilmotte, mat engem metallenen Dach a Schéissschacht, ähnleche Fënsteren, wéi ee Verteidegungswierk ausgesinn huet.

D'Verdeedeger vun der Festung haten also Satisfaktioun krut, an et war ee gespaant, wat sollt an de Musée kommen. D'Geschicht vum Land gëtt zum Deel am Staatsmusée dokumentéiert, a fir d'Geschicht vun der Stad gouf och ee spezielle Musée ageriicht.

Et koum d'Iddi op, nieft der Geschicht vun der Festung, och déi grouss Ausstellung iwwert d'Land a seng Identitéit aus dem Joer 1989, wéinstens zum Deel, nees opzeriichten.

Dës Ausstellung fir den 150. Anniversaire vun der Onofhängegkeet vum Grousshe rzogtum hat jo sengerzäit en enormen Zoulaf.

Ronderëm d'Dräi Eechelen gouf du vill gewuddert. Kleng Forten, Bastiounen, Minegäng goufen ausgegruewen an an d'Rei gesat.

Nom Modell vum Wenzelspad sollt ee Vaubanspad entstoen, deen och iwwert d'Dräi Eechelen geet. Mä bis haut ass bei de Vaubanstierm am Pafendall Terminus. Nëmme Leit, déi fir Bulli an Dreck ausstafféiert sinn, sief e Spazéiergang op d'Dräi Eechelen ugeroden. Do leien d'Aarbechten näämlech ze soe brooch.

De Pei-Musée huet mëttlerweil seng Dieren opgemaach, mee fir de Festungsmusée gi mer bal bis op Päifneijorschdag vertréischt. Elo heescht et, de franséischen Expertegrupp hätt sech net un d'Ligne de conduite vum Kulturministère gehalen, duerfir misst een neie Grupp d'Saach an d'Hand huelen. Dëse Grupp schafft awer ëmmerhin och schon zanter 2 Joer, an trotzdem ass d'Ouverture vum Musée net fir haut an net fir muer.

Dëst Joer gëtt den 300. Doudesdag vum Festungsbaumeeschter Vauban commemoréiert, dee jo och seng Spuren an der Festung Lëtzebuerg hannerlooss huet. Stengen Zeie vu sengem Fortifikatiounssystem fënnt een uechter déi ganz Grossregioun, an op ville Plaze gëtt besonnesch elo un déi franséisch Reunionskricher an de Fridde vu Rijswick erënnert. Grad am Kulturjoer hätt den Ausbau vun der Festung mat senger historescher awer och sozialer Dimensioun a mam Migratiounshannergrond kéinten en interessant Thema sinn.

Stelle mer eis dach emol vir, deen äifrege Vauban a säi Kinnek Louis XIV. hätten deemools grad esou laang gebraucht, fir hir Fortifikatiounen opzeriichten, wéi Lëtzebuerg fir de Musée op den Dräi Eechelen anzeriichten.

Déi franséisch Truppe géifen nach haut op der Rhum an um Glacis campéieren.

**Grad am Kulturjoer hätt den Ausbau vun der Festung mat senger historescher awer och sozialer Dimensioun [...] kéinten en interessant Thema sinn.**

*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50*
*Kulturchronik vum 14.8.2007*

*De Guy Engels ass Kulturredakter beim radio 100,7.*